

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2015

Ad LuxTrust

Kolleginnen a Kollegen,

wéi dir wësst, ass de Certificat vun ärem LuxTrust Stick just eng begrenzten Zäit gültig. Di éischt Certificaten, déi mat LuxTrust Stick un d'Enseignantë verschéckt goufen a mat deenen si hir Noten aschreiwen, sinn dat lescht Joer ausgelaf.

Deemools huet d'FÉDUSE beim MENJE intervenéiert, well a priori keng nei Certificate méi sollten un d'Enseignantë verschéckt ginn. Et ass kloer, dass de MENJE vu kengem vu senge Mataarbechter verlaange kann, sech op eege Käschten een Outil ze beschafen, den hien dann exklusiv fir seng Aarbecht brauch.

De MENJE huet dorobber hin kommunizéiert, dass jidderee och kéint de Gratis-Certificat vu sengem Internet Banking fir d'Operatiounen am Fichier Elève an am Fichier Bac benotzen.

Momentan ass et esou, dass vill Kolleginnen a Kollege folgende Mail kruten:

Chère Cliente, Cher Client,

Permettez-nous d'attirer votre attention sur le fait que l'abonnement relatif à votre certificat LuxTrust référencé ci-dessous arrivera à expiration dans 15 jours.

Afin que vous puissiez continuer à utiliser nos services sans interruption, nous vous invitons à effectuer votre renouvellement dans les meilleurs délais, sur <http://rekey.luxtrust.lu>

Mode de paiement, faites votre choix entre une commande :

- standard à tarif normal
- standard avec voucher (code à 16 caractères fourni par votre employeur ou votre banque qui a prépayé votre commande)
- urgente, en 24 heures, à tarif majoré.

D'FÉDUSE wëllt iech nach emol drop hiweisen, dass dir iech gratis een aneren LuxTrust-Produit besuergen, wéi z. B. een Token, fir den een en plus keng Middleware-Software installéiere muss. Detailler dozou fannt dir notamment um Site vum CGIE ënnert

<http://portal.education.lu/cgie/Prestations/LuxTrust/TabId/2646/ArtMID/4654/ArticleID/6842/En-savoir-plus-sur-le-Token.aspx>.

Dir kënnt den Token souwuel beim CGIE ufroen – an der rietser Kolonn op der uewe genannter Site - oder bei ärer Bank, bzw. den Token, den dir fir är Bank benotzt och fir d'Schoul benotzen.

Dëse Communiqué geet awer och spezifesch un de Ministère. D'FÉDUSE fuerdert di Responsabel op, sech mat der Sociéitéit LuxTrust a Verbindung ze setzen a si dozou unzehalen, mat deene Mailen opzehalen, déi d'Leit dozou incitéieren fir ze bezuelen, obwuel dat u sech net noutwendeg ass.

Gläichzäiteg setze mir och LuxTrust selwer en copie a géingen si bieden, selwer an hire Mailen dorobber hinzewiesen dass e Renouvelléiere vum Certificat ebe just net noutwendeg ass, mee dass et di genannte Méiglechkeete gëtt, fir ouni weider Käschte mat engem LuxTrust-Produit ze schaffen.

Mat syndikalisteschem Gréiss

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP

Kopie un :

Centre de gestion informatique de l'éducation
B.P. 98
L-7201 Bereldange

LuxTrust S.A.
IVY Building
13-15 Parc d'Activités
L-8308 Capellen